N°3522
Entrée le 23.01.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 26.01.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/01/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

Aktuell schaffe bei der Police ronn 3250 Beamten. Polizist sinn ass een haarden Job, dee vill Energie, Engagement an Zäit erfuerdert. Et kënnt een um Terrain a vill Situatiounen, déi ee Mënsch psychologesch extreem belaaschte kënnen.

D'Personalpolitik bei der Police huet dofir ee Programm, deen sech ëm d'Wuelbefanne vun de Polizist:innen këmmert, de sougenannten SBET (Service de bien-être au travail), dee Beamt:innen ënnerstëtze soll, déi wéinst gesondheetlechen oder psychesche Problemer eng ugepasste Betreiung oder Aarbechtsorganisatioun brauchen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Beamten an zivil Mataarbechter vun der Police grand-ducale ginn aktuell am Kader vum SBET-Programm betreit a wéi huet sech dës Zuel an de leschte fënnef Joer entwéckelt?
2. Wéi vill Beamte goufen zënter 2019 op aner Aarbechtsplazen detachéiert?
3. Wéi vill Beamte konnten zënter 2019, no hirem Detachement, erëm zu 100% op hire Posten agefouert ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés